Administration Communale

BEAUFORT

(Grand-Duché de Luxembourg)

JNE/COVID-19/2020-09_L

Beefort, de 15. Mee 2020

Léif Awunner aus der Gemeng Beefort,

Dëser Deeg huet jiddereen iwwer 16 Joer, deen de 4. Mee zu Beefort an engem Stot ugemellt wor, ee Bréif mat der Post kritt fir 50 Masken ze kréien. Dëse Bréif ass gläichzäiteg och de Bong dofir. D'Maske ginn e Samschdeg, den 23. Mee, vun 9 bis 12 Auer a vun 13 bis 16 Auer beim Virleeë vun dësem Bong an engem "Drive in" verdeelt. Den "Drive in" ass am Atelier vum "Service technique" (beim neie Centre de secours et d'incendie / Jugendherberge). Et huet kee Wäert elo schonns op d'Gemeng unzeruffen oder ze kommen. Versuergt w.e.gl. de Bréif fir den Dag vun der Verdeelung: **Ouni Ziedel (Bon de retrait) keng Masken!**

Fir ee Chaos ze vermeiden ass ee gebiede verschidde Regelen an d'Auerzäiten anzehalen. Den Zougank mam Auto ass nëmme vun der Strooss route de Dillingen an zu de folgende Stonnen:

9 – 10 Auer : Familljennimm A bis C
10 – 11 Auer : Familljennimm D bis F
11 – 12 Auer : Familljennimm G bis L
13 – 14 Auer : Familljennimm M bis P
14 – 15 Auer : Familljennimm Q bis T
15 – 16 Auer : Familljennimm U bis Z

Selbstverständlech an erwënscht ass et, datt eng Persoun d'Maske fir de ganze Stot oder aner Leit mathëlt och wann de Familljennumm mat engem anere Buschtaf ufänkt. Op kee Fall vergiessen: **nëmme mat hirem Ziedel**. Wann ee mam Auto bäigefuer kënnt, da soll een am Auto sëtze bleiwen. Kee Problem ass et och ze Fouss oder mam Vëlo ze kommen. A sämtleche Fäll muss een eng Mask oder ee Buff droen.

Een zweeten Termin fir d'Masken ofzehuelen ass e Méindeg, de 25. Mee, vu 17 bis 19 Auer op der nämmlechter Adress. Och deen Dag gelt: **Ouni Ziedel (Bon de retrait) keng Masken!**

Vulnérabel Persounen oder Matbierger, déi sech guer nët kënnen déplacéieren, si gebieden am Populatiounsbüro den nächste Mëttwoch oder Freideg unzeruffen: Telefon 83 60 45 1. D'Maske ginn dann am Laf vun der Woch vum 25. bis den 31. Mee verdeelt an dës Persoune si gebieden den Ziedel prett ze halen.

Ee Méindeg, de 25. Mee, fänkt d'Schoul rëm un. Am Laf vun der nächster Woch wäerten d'Eltere ee Bréif mat weideren Informatioune kréien. Mëttlerweil steet awer fest, datt zum Beispill d'Elteren op kee Fall däerfen an d'Schoul erakommen. Déi nei Auerzäite vun der Busnavette ginn och nach matgedeelt an de Pédibus gëtt net méi ugebueden. A propos Schoultransport: D'Schoulkanner si gebieden disziplinéiert ze sinn an d'Uweisunge vun de Chauffeschen ze befollegen.

Obwuel d'Versammlungsverbuet opgelockert gouf, bleift et weiderhi bestoen an dat virleefeg bis den 31. Juli. Aus deem Gronn si Manifestatiounen an engem Gebai vun der Gemeng ewéi zum Beispill de Kummelsbau fir Familljefester bis op Weideres net erlaabt.

De Cabinet médical ass vu méindes bis freides vun 8.30 bis 12 Auer a vu 15 bis 18 Auer besat. D'Praxis ass allerdéngs weiderhin zou an ënnert der Nummer 86 94 86 leeft eng Téléconsultatioun. D'Leit si gebiede gedëlleg ze bleiwen, och wann den Telefon wéinst de villen Uriff besat ass.

Bluttanalyse gi rëm zu de gewinnten Auerzäiten (vu 7 bis 10 Auer) geholl an et muss ee sech u verschidde Regelen halen. Fir d'éischt gëtt geschellt an d'Leit si gebieden dobausse virun der Dir ze waarden. Op kee Fall soll ee eragoen. Eng Infirmière kënnt d'Persoun sichen. Nodeems Blutt geholl gouf gëtt rëm alles desinfizéiert an doduercher dauert et méi laang bis een un d'Rei kënnt. D'Droe vun der Mask ass selbstverständlech.

Den nächsten Donneschdeg ass ee Feierdag (Christi Himmelfahrt) an dowéinst ginn d'Poubellen e Freideg, den 22. Mee, eidel gemeet.

Ofschléissend gëtt un d'Hotline 8002 8080 fir Bierger a Betriber erënnert, déi Äntwerten op sämtlech Froen a weider Informatiounen zum aktuellen Thema gëtt. Ab dem 25. Mee ginn et zum Beispill Ännerunge betreffend de "Congé pour raisons familiales". E psychologesche Support steet all Dag vun 7 bis 23 Auer zur Verfügung. Weider Nummere sinn den 8002 9090 (Educatioun), 8002 9191 (Chômage partiel), 8002 9292 (Online Verkaf fir vulnerabel Persounen), 8002 1010 (Aides au logement) an 2060 1060 (Helpline - Gewalt am Stot).

BLEIFT GESOND **#NetOuniMengMask**

De Schäfferot

Camille Hoffmann **Jean-Luc Nosbusch** **Emile Wies**